N°3810
Entrée le 17.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3810 vum éierewäerten Deputéierten Michel Lemaire**

1. **Gesäit d'Regierung am Kontext vun de staark geklommenen Düngerpräisser kuerzfristeg finanziell Ënnerstëtzungsmoosname fir landwirtschaftlech Betriber vir, fir déi zousätzlech Belaaschtungen ofzefiederen?**

Fir de Moment ass et nach ze fréi, fir vun Ënnerstëtzungsmoossnamen ze schwätzen. Positiv ass, datt – wéi vum Handel confirméiert – ronn 70 % vun de landwirtschaftleche Betriber hei zu Lëtzebuerg schonn am Hierscht 2025 hiren Dünger fir dat aktuell Kulturjoer virbestallt a bis de Februar schonn agelagert haten. [1] Allerdéngs sinn eng Rei Betriber gezwongen trotzdeem déi héich Präisser um Maart ze bezuelen.

2. **Wéi eng konkret Moossname respektiv Mechanismen, gedenkt d'Regierung mëttelfristeg ze ergräifen bzw. an d'Weeër ze leeden, fir d'Auswierkunge vu Präisschwankungen am Agrarsecteur ze begrenzen an déi betraffe Betriber eventueel ze entschiedegen?**

Fir de Moment ass et nach ze fréi, fir vun Ënnerstëtzungsmoossnamen ze schwätzen. Sollt dëse Punkt zu engem spéidere Zäitpunkt relevant ginn, wäerte mir d'Situatioun entspriechend evaluéieren.

3. **Besteet aus Siicht vun der Regierung eng rechtlech Méiglechkeet, d'Oplagen am Beräich vum Düngen (z.B. am Kader vun der Nitrat-Direktiv) provisoresch ze lockeren, an dobäi och d'Auswierkunge vun der staarker Ofhängegkeet vum Gaspräis op d'Produktioun vu mineraleschem Dünger ze berücksichtegen, fir de Betriber an der aktueller Krisesituatioun méi Flexibilitéit ze ginn?**

D'Direktiv (EU) 2026/288, en Amendement zur Nitrat-Direktiv, erlaabt et d'Quantitéit vun organeschem Stéckstoff deen op de Felder ausbruecht gëtt, a bestëmmte Fäll ëm 80 kg pro Hektar ze erhéijen. D'Direktiv muss awer nach a nationaalt Recht ëmgesat ginn.

Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau